N°7554
Entrée le 06.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7554 vum 6. Februar 2023 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

**1) Wéi reagéiert d'Regierung op dës Sécherheetsmängel op eise Mäert? Ass virgesinn, d'Policepresenz op de Mäert ze verstäerken? Wéi eng legal Méiglechkeeten huet d'Police fir géint esou Mëssstänn op eise Mäert virzegoen?**

Preliminär Bemierkung zu der virleiender parlamentarescher Fro:
Wéi schonn an der änlech orientéierter parlamentarescher Fro n° 7443 vum 5. Januar 2023 vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER erkläert ginn ass, ass Zuel vun de Fäll vun organiséierter Heescherei déi konnte nogewise ginn immens geréng. An der selwechter Äntwert gouf och erkläert, dass d'Datebanke vun der Police et net erlaben, automatiséiert rauszefannen, ob d'Interventioune vun der Police zu Heescherei duerch eng Plainte wéinst Belästegung, Bedreeung, kierperlecher Gewalt a.s.w. virläit, oder op d'Police d'Initiative amtéiert huet.

Et ka keng Affirmatioun gemaach ginn, dass Tëschefäll wou d'Police intervenéiert tatsächlech op organiséiert Kriminalitéit zeréck ze féiere sinn. D'Police huet keng Indizien, déi am objektive reellen Alldag op esou ee Phänome schléisse loossen.

Et muss hei ënnerstrach ginn, dass organiséiert Heescherei kriminell ass an d'Justizautoritéiten impliziéiert, woubäi "mendicité simple" net strofbar ass.

D'Police erfëllt hier Missiounen, esou wei se am Artikel 3 vum Policegesetz festgehale sinn, an intervenéiert all Kéier wou se geruff ginn.

Et gëtt och drun erënnert, dass d'Policepresenz an der Stad Lëtzebuerg zënter Dezember 2021 erhéicht ginn ass.

**2) Kéint d'Regierung sech virstellen, e Sécherheetsperimeter ëm d'Mäert ze zéien, wou d'Heescherei verbueden ass, fir dësen Aktivitéiten en Enn ze maachen?**

Laut dem Artikel 6 aus dem Policegesetz läit d'Initiative fir ee Sécherheetsperimeter ze zéie beim Buergermeeschter, wann eng grouss Gefor besteet ("lorsqu'il existe un danger grave, concret et imminent pour la sécurité publique").

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2023

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX